N°3918
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Rezent gouf an de Medien an op de soziale Netzwierker doriwwer bericht, datt am Kader vun der Aféierung vun engem neien SAP-Verwaltungssystem eng automatiséiert Konsultatioun an den Import vu persounebezunnenen Daten aus dem „registre national des personnes physiques" (RNPP) duerch d'Lëtzebuerger Arméi stattfonnt huet.

Laut Communiqué vum Etat-major vum 10. Abrëll 2026 soll dës Veraarbechtung, déi am Kontext vun enger technescher Migratioun vum fréiere System „GIAL" op en neit ERP-System geschitt ass, aktiv an och fréier Membere vun der Arméi betraff hunn.

Am Zesummenhang mat de Bestëmmunge vum Reglement (UE) 2016/679 (RGPD), besonnesch nom Prinzip vun der *„limitation de la conservation"*, stellt sech awer eng Rei Froen zu der Noutwennegkeet, dem Ëmfang an der Dauer vun der Dateveraarbechtung.

Virun dësem Hannergrond hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Persounen (jeeweils aktiv a fréier Arméismemberen) waren insgesamt vun dëser Dateveraarbechtung betraff?
2. No wéi enge Kriterie gouf festgeluecht, wéi eng Persoune beim Datenimport berücksichtegt goufen, besonnesch wat fréier Arméismembere betrëfft?
3. Wéi laang ass d'Konservéierungsdauer vun dësen Daten a wien decidéiert iwwer dës Dauer?
4. Aus wéi enge konkrete gesetzlechen oder administrativen Ursaache ginn Date vu fréieren Arméismemberen iwwer esou vill Joren oder Joerzéngte konservéiert?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten